N°494
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, de Madame la ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes, de Monsieur le ministre de l'Environnement, de la Biodiversité et du Climat, Serge Wilmes à la question parlementaire n°494 du 19 mars 2024 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet d'implantations de stations-services essence au Luxembourg**

D'Regierung steet generell zu der Handelsfräiheet: e Betrib deen déi néideg Geneemegungen huet an am legale Kader agéiert, ass fräi sech néierzeloossen.

E méi strengt Encadrement vum Tankstellesecteur ass net am Koalitiounsaccord virgesinn. D'Regierung wëllt, wéi am Koalitiounsaccord virgesinn, de Wiessel zur Elektromobilitéit an der klimaneutraler Mobilitéit anescht ënnerstëtzen, zum Beispill andeems de Kaf vun Elektroautoen an d'Installatioun vu Borne weider subventionéiert gëtt. D'Subventioune fir déi emissiounsfräi Mobilitéit vun de Bierger wäerte reegelméisseg ugepasst ginn, fir all Bierger d'Méiglechkeet ze ginn op eng emissiounsfräi an nohalteg Mobilitéit ëmzeklammen.

D'Exploitatioun vun den 8 Autobunnstankstellen ass u Concessiounen gebonnen déi iwwer europäesch Ausschreiwungen attribuéiert ginn. Am Kader vun der Energietransitioun gesäit de Koalitiounsaccord vir, datt Konzepter ausgeschafft ginn, fir déi besteeënd Autobunnstankstelle mëttelfristeg zu Multi-Energie Zentere weiderzeentwéckelen. Zousätzlech „traditionell" Autobunnstankstelle si momentan net geplangt.

Eng eventuell Limitatioun vun der Unzuel vun Tankstellen am Land misst op Basis vun de Krittäre vun der Constitutioun a vum EU-Traité analyséiert ginn. D'Lëtzebuerger Constitutioun gesäit an hiren Artikele 35 a 37 vir, datt all Aschränkung vun der Handelsfräiheet (*liberté de commerce*) de Prinzip vun der Proportionalitéit muss respektéieren. Dëst entsprécht der Logik vum EU-Traité a vun der Direktiv zu den Déngschtleeschtungen am Bannemaart (directive relative aux services dans le marché intérieur 2006/123/CE), déi an hirem Artikel 15.2a virgesäit dass quantitativ Limitatioune kumulativ déi dräi Conditiounen, vun der Net-Diskriminéierung, der Noutwendegkeet an der Proportionalitéit respektéiere mussen. Op Basis vun der konstanter Rechtsspriechung vum Europäesche Geriichtshaff, mussen all Exceptioune restriktiv interpretéiert ginn. Et misst also beluecht ginn, datt d'Zil vum Klimaschutz duerch manner Konsum vu Pëtrol net op eng méi efficace a manner restriktiv Aart a Weis kéint ëmgesat ginn, wéi eng Limitatioun vun der Unzuel vun Autorisatioune fir Tankstellen. D'Regierung ass der Meenung, datt ënnert anerem och d'Fërdere vun der Elektromobilitéit de Konsum vu fossille Brennstoffer wäert limitéieren, esou datt eng Aschränkung vun der Handelsfräiheet net pertinent ass.

Luxembourg, le 22/04/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles